**SEUL LE DISCOURS PRONONCE FAIT FOI**

# Discours de Noël 2022 de S.A.R. le Grand-Duc

Léif Matbierger,

No engem schwierege Joer 2021, war och dëst ee speziellt Joer.

Eis Ëmwelt steet weider ënner groussem Drock. D'Resultater vun der Klimakonferenz an Ägypten de leschte Mount, si fir déi meescht vun eis ganz enttäuschend. Et konnt zwar en Accord fonnt ginn, fir de betraffene Länner ze hëllefen, d'Konsequenze vum Klimawandel besser ze meeschteren. Mä et si keng konkret Fortschrëtter a Saache Reduktioun vun CO2-Emissiounen oder beim Erausklammen aus de fossillen Energië gemaach ginn.

Och d'militäresch Konflikter uechter d'Welt hu sech verschlëmmert, Millioune Mënsche sinn op der Sich no enger sécherer Heemecht.

Déi russesch Invasioun vun der Ukrain, e brutalen Agressiounskrich, stellt alles a Fro wourop mir, zënter 1945, eis friddlech Koexistenz opgebaut hunn: Konflikter duerch en Dialog ze léisen an net duerch Gewalt. D'Konsequenze vun dësem Krich hu weltwäit en negativen Impakt.

Gläichzäiteg gesi mir wéi am Iran, wéi och am Afghanistan, Fraen a Meedercher weider ouni Récksiicht ënnerdréckt, mësshandelt an esouguer ëmbruecht ginn. Besonnesch am Afghanistan bleiwe se Affer vun enger Gesënnung, déi déif am Mëttelalter verankert ass. Hinnen ze hëllefen, hinnen eng Stëmm ze ginn a si ze ënnerstëtzen, ass en Uleies dat mir an der Grande-Duchesse ganz besonnesch um Häerz läit.

Wat seet dat eis?

Gi mer just duerch eng komplizéiert Phase oder musse mir eis Gewunnechten änneren? Déi Fro kënne mer eis mëttlerweil stellen, well mer seelen eng Situatioun haten, wou souvill besuergend Entwécklungen zesummekomm sinn.

Léif Leit alleguer,

Ech sinn trotz allem iwwerzeegt, no all deene Joren, déi ech dësem Land als Staatschef gedéngt hunn, datt Lëtzebuerg déi néideg Capacitéiten huet, dës komplizéiert Zäiten ze meeschteren. Aus Erfarung wësse mer, datt mir d'Fäegkeet hunn, eis Stäerkten ze notzen, fir eis enger neier Situatioun unzepassen.

Zu eise Stäerkte gehéiert eise resoluten Engagement fir de Fridden an Europa. Mir hu viru 70 Joer ganz bewosst, och wann et schwéier war, e Stréch ënnert den Zweete Weltkrich gezunn, fir en neit Europa opzebauen, an eng méi gerecht Weltuerdnung, duerch d'UNO, ze sécheren.

Mir hunn och ganz fréi erkannt, datt eis Intressen an eis Sécherheet vill besser an enger Europäescher Unioun an an der NATO opgehuewe sinn, wéi wa mer eleng do stéingen. Eist Land ass oppen an huet et verstanen, iwwer seng Grenzen eraus an der Groussregioun, mat eisen Noperen a Belgien, Däitschland a Frankräich, eng besonnesch enk Zesummenaarbecht ze schafen, déi vill Mënschen eng stabel Existenz garantéiert.

Eise Gesellschaftsmodell fonctionéiert nom Prinzip vum Zesummeliewen. Zesummeliewen heescht an dësem Fall e friddlecht Niefteneen vu Mënschen aus iwwer 170 Länner.

Zesummeliewen heescht awer och eng gerecht Opdeelung vun eisem Räichtum, eng stänneg Suerg, datt de Gruef tëscht Aarmen a Räichen net méi grouss gëtt, speziell a Krisenzäiten.

Trotzdeem ginn et och hei am Land vill Leit deenen et wirtschaftlech net gutt geet, a Persounen déi riskéieren an d'Aarmut ze falen. D'aktuell Situatioun mécht et fir vill Mënschen ëmmer méi schwéier iwwer d'Ronnen ze kommen. Si brauche weider Ënnerstëtzung.

Dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass eis Gesellschaft inklusiv ass, déi versicht jidderengem d'Geleeënheet ze ginn, sech ze realiséieren a säi Wee ze fannen.

Mir hunn déi grouss Chance an engem demokratesche Land ze liewen, wou reegelméisseg Wale sinn, a wou mir eis Gesellschaft kënne mat gestalten.

Eis Wirtschaft berout op der Privatinitiativ, ënnerstëtzt vun eisen Institutiounen, a gereegelt vum Gesetz. D'Regierung, d'Gewerkschaften an d'Patronat beroden zesummen, wéi déi verschidden Intressen, déi si vertrieden, an engem Kompromëss kënne verbonne ginn, fir de soziale Fridden an eisem Land ze garantéieren.

Mir setzen eis an, iwwerall wou et méiglech ass, fir méi Demokratie a Respekt vun de Mënscherechter. Mir hëllefen aktiv deene Länner, deenen et manner gutt geet. Mir huele vill Mënschen op, deenen hir Existenz bei sech doheem a Gefor ass. Dat ass eis Flicht als Gesellschaft an als Land.

Léif Matbierger,

Mir sinn eng fortschrëttlech Natioun déi op Respekt baut, Respekt fir eis Matmënschen, fir déi universal Wäerter a fir eis Ëmwelt. Dat si keng eidel Wierder, keng al Cliché'en, mee d'Grondwäerter op déi eis Existenz an eis Zukunft berouen.

Wa mir et fäerdeg bréngen, dës Astellung och iwwer eis Grenzen eraus ze vermëttelen, dann hu mer e konkreten a wichtege Beitrag geleescht fir eng méi mënschlech Welt.

Léif Leit alleguer,

2023 steet virun der Dier. Mir wëssen net wat geschéie wäert, mee ech si sécher, datt mir alleguer, Lëtzebuerger, eis auslännesch Matbierger an d'Awunner aus der Groussregioun, déi hei am Land schaffen, eis weider dofir asetze wäerten, eise Gesellschaftsmodell oprecht ze halen. Dat si mer eis schëlleg, a besonnesch deenen nächste Generatiounen.

An deem Sënn wënschen ech Iech, mat der Grande-Duchesse, dem Prënz Guillaume, der Prinzessin Stéphanie, dem klenge Prënz Charles an all eise Kanner, vu ganzem Häerze schéi Chrëschtdeeg an all Guddes fir d'neit Joer.

Joyeux Noël et bonne Année!

Schöne Weihnachten und ein frohes neues Jahr!

Bom natal e feliz anno nuovo!

Merry Christmas and a Happy New Year!